

AN DER CHAMBER

CHAMBERBILAN 2025/2026

# COURAGÉIERT.
# RESPONSABEL.
# FIR LËTZEBUERG.



# LAURENT ZEIMET

Fraktiounspresident

“

**EIST ZIEL ASS KLOER: D‘LAND, D‘LEIT AN D‘BETRIBER STÄERKEN.**

”

D’CSV ass 2023 ugetrueden, fir Verantwortung z’iwwerhuelen, d’Land ze moderniséieren a Lëtzebuerg besser op d’Zukunft virzebereeden. No der éischter Hallschent vun dëser Legislaturperiod ass scho villes aus dem Koalitiounsprogramm ëmgesat ginn.

Als CSV-Fraktioun hu mir an de leschte Méint mat Engagement dru geschafft, eis Prioritéiten an der Chamber konsequent ëmzesetzen. Am Mëttelpunkt stoung dobäi d‘Kafkraaft vun de Leit, eng staark Wirtschaft a stabil Aarbechtsplazen, den EU-Migratiouns- an Asylpakt, méi Sécherheet, Fortschrëtter beim Logement an e Land, dat méi resilient gëtt.

Gläichzäiteg war eis de reegelméissegen Austausch mat der Zivilgesellschaft, de Gewerkschaften, dem Patronat an de Bierger wichteg. Nëmmen esou spiert een, wou bei de Leit de Schong dréckt.

Dës Opzielung gëtt en Iwwerbléck iwwer konkret Mesuren a Fortschrëtter, déi am vergaangene parlamentaresche Joer gestëmmt oder entscheedend virubruecht goufen.

Als CSV-Fraktioun si mir bereet, weider politesch Entscheedunge mat Courage a Verantwortung ze huelen, mam Zil, déi bescht Léisunge fir d’Leit, fir d’Betriber a fir Lëtzebuerg ze fannen an ëmzesetzen.

## D'CSV AN DER CHAMBER
## ZUELEN A FAKTEN

**59** ËFFENTLECH SËTZUNGEN

**157** GESTËMMTE GESETZESPROJETEN

**471** KOMMISSIOUNSSËTZUNGEN

**165** PARLAMENTARESCH FROEN

**26** FROEN AN DER FROESTONN

**19** AKTUALITÉITSSTONNEN / INTERPELLATIOUN / ERWEIDERT FROEN

**10** GESTËMMTE MOTIOUNEN

Méi Informatioune fannt Dir ënner **csv.lu**



## KONKRET MOOSSNAMEN.
## SPIERBAR MÉI ENTLAASCHTUNG.

### MÉI KAFKRAAFT. MANNER STEIEREN. MÉI ENTLAASCHTUNG.

- → Tripartite-Accord a Resilienzpak ëmgesat
- → Energiepräisser ofgefiedert
- → Mindestlounupassungen bis den 1. Juli 2027
- → Eenheetlech Steierklass ab 2027 op de Wee bruecht
- → Reegelméisseg Upassung vun der Steiertabell un d’Inflatioun ab 2028

### WIRTSCHAFT GESTÄERKT.

- → Inflatioun gebremst an Aarbechtsplaze geschützt
- → Betriber steierlech entlaascht a Grënnunge vereinfacht
- → Méi Hëllefe fir d’energeetesch Transitioun vun Industrie a PME
- → Investitiounen a Start-ups iwwer Steierkredit gefërdert
- → Méi flexibel Ouvertureszäiten am Commerce

### ENERGIEPRÄISSER GEBREMST. TRANSITIOUN BESCHLEUNEGT.

- → Energiepräisbrems fir Stroum, Gas, Bensinn, Diesel a Mazout
- → Netzkäschte beim Stroum gréisstendeels vum Staat iwwerholl
- → Kompensatiounsmechanismus fir Elektrizitéit
- → Ausbau vun erneierbaren Energië gestäerkt
- → Virfinanzéierung a méi Hëllefe fir Photovoltaik a Wärmepompelen

### LANDWIRTSCHAFT: PERSPEKTIVE FIR EIS BETRIBER.

- → Landwirtschaftsdësch a Wäibaudësch institutionaliséiert
- → Aktiounsplang fir de Generatiounswiessel ausgeschafft
- → Administrativ Vereinfachunge bei Saisonsaarbechter
- → Lokal Produktioun an Uebst- a Geméisbau gestäerkt
- → PAN-Bio 2030 an nationale Plang fir Ernärung op de Wee bruecht

## KONKRET MOOSSNAMEN.
## SPIERBAR MÉI SÉCHER.

### ENG MÉI EFFICACE JUSTIZ.

- → 100 nei Riichterposte geschaf
- → Digitaliséierung beschleunegt a Geriichtsprozedure moderniséiert
- → „Comparution accélérée“ op den Instanzewee geschéckt
- → Jugendstrofrecht gëtt ugepak
- → Social-Media-Verbuet fir Kanner an der Ausaarbechtung

### VERDEEDEGUNG: VERANTWORTUNG IWWERHOLL.

- → NATO-Ziler gi respektéiert: 5% PIB bis 2035
- → Verdeedegungsausgabe bis 2029 op 2,3% RNB
- → Bedeelegung vu Lëtzebuerger Betriber an den Investissementer
- → Defence Bond fir national Verdeedegung gestëmmt
- → Carrière vum fräiwëllegen Zaldot revaloriséiert

### SÉCHER PENSIOUNEN.

- → Pensioune goufen den 1. Januar 2026 ëm 1,5 % ugepasst
- → Steierlech Entlaaschtung duerch de Resilienzpak
- → Pensiounssystem méi sécher a méi nohalteg opgestallt
- → Steier-Abattement fir Leit, déi méi laang am Beruffsliewe wëlle bleiwen
- → Plaffong fir d’steierlech Ofsetzbarkeet vun der Altersvirsuerg erhéicht

### SÉCHERHEET AM ALLDAG GESTÄERKT.

- → Méi Polizisten agestallt a méi Police-Präsenz um Terrain
- → „Unité de Police locale“ agefouert
- → „Plazverweis renforcé“ fir méi Rou am ëffentleche Raum
- → Virstellung vun der nationaler Resilienzstrategie
- → Prozedure fir ëffentlech Kameraiwwerwaachung vereinfacht

# KONKRET MOOSSNAMEN.
# SPIERBAR MÉI ZESUMMENHALT.

## GESONDHEET: MÉI PREVENTIOUN, BESSEREN ACCÈS.

- Preventiounspolitik gestäerkt
- Méi medezinesch Agrëffer ausserhalb vu Klinicke méiglech
- Dokteschgesellschaften op den Instanzewee bruecht
- Moderniséierte Patientendossier a besser Datevernetzung
- Zentral Akaf- a Logistikstruktur fir Medikamenter a Gesondheetsmaterial

## SOZIAL GERECHTEGKEET: CIBLÉIERT HËLLEFEN.

- Éischten Aktiounsplang géint Aarmut mat 106 Mesuren
- Complément de vie chère ab dem 1. Januar 2027
- Nei finanziell Hëllef fir eeler Leit gëtt agefouert
- Méi héich Bedeelegung u Käschte vun Altersheemer a betreite Wunnstrukturen
- Klimasozialplang mam Leasing social op de Wee bruecht

## AARBECHT MODERNISÉIEREN.

- Mindestloun gëtt etappeweis erhéicht
- Kollektivverträg an de Betriber solle gestäerkt ginn
- Moderniséierung vun der ITM op de Wee bruecht
- Aarbechtskonditioune vu Plattformaarbechter soll verbessert ginn
- Organisatioun vun der Aarbechtszäit gëtt ugepasst

## SCHOUL: MÉI CHANCEGERECHTEGKEET

- Projet ALPHA gestëmmt mat Wiel vun der Alphabetiséierungssprooch
- Schouloffer diversifizéiert an ausgebaut
- Reform vum Chèque Service: finanziell Entlaaschtung fir Familljen
- National Elterevertriedung: Méi eng staark Stëmm fir d'Elteren
- Verbessert Studiebäihëllefen

## KONKRET MOOSSNAMEN.
## SPIERBAR MÉI FORTSCHRËTT.

### ËMWELT: SCHÜTZEN, VEREINFACHEN, VIRUKOMMEN.

- „Natur auf Zeit“ ënnerwee
- Autorisatiounsprozedure standardiséiert
- Prefinanzement fir Elektrogefierer, Wärmepompelen a PV-Anlagen ënnerwee
- Waasserresilienz-Strategie a Renaturéierungsdësch
- Upassungen um Naturschutzgesetz fir d'Landwirtschaft a Wënzer ënnerwee

### MÉI WUNNRAUM. MÉI SÉIER BAUEN.

- VEFA-Programm massiv opgestockt
- Individuell Wunnengsbäihëllefen ugepasst
- Prozedure vereinfacht an digitaliséiert
- „Silence vaut accord“ um Instanzewee
- Energeetesch Renovatioune méi attraktiv gemaach

### MEDIEN, KULTUR A KËNSCHTLECH INTELLIGENZ.

- Den Informatiounszougang fir Journalisten ass gestëmmt
- Méi Schutz fir Journaliste virun abusive Kloen
- Basis-Gesetz fir de Filmfong gestëmmt
- Méi Ënnerstëtzung fir ëffentlech Bibliothéiken
- KI-Strategie fir Lëtzebuerg op de Wee bruecht

### MOBILITÉIT FIR MUER.

- Séieren Tram an Erweiderung vum Tramsreseau virubruecht
- Rekord-Investitiounen an d’Schinneninfrastruktur
- Contournemente Hesper a Käerjeng
- Masterplang fir den Ausbau vum Findel
- Virbereedung op autonoomt Fueren


# D'CSV AN DER CHAMBER 2025/2026






























































**COURAGÉIERT. RESPONSABEL. FIR LËTZEBUERG.**